

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

A senger Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3227 vum 30.11.2020 hat den Här Minister Meisch geschriwwen dass déi vu gewësse Kreesser benotzten neimoudesch Gendersprooch net als orthographesche Feeler ze bewäerte wier a weider huet den Här Minister och geschriwwen, datt den Zentrum fir d'Lëtzebuenger Sprooch an de Commissaire fir d'Lëtzebuenger Sprooch u Recommandatioune géife schaffen, fir déi Leit, déi gendere wëllen.

A Frankräich huet de Bildungsministère elo d'Verbreedung vun der Gendersprooch (écriture inclusive) an de Schoule gestoppt a verbueden. De Grond ass, datt d'Gendersprooch ze komplex ass an d'Liesen an d'Léieren vun der franséischer Sprooch behënnert. Si wier elitistesch well virun allem Schüler mat Lies- an Rechtschreifschwieregkeeten, also méi schwach Schüler, sech domat schwéier dinn.

An deem Kontext wëll ech dem Här Schoulminister gär des Froe stellen:

- 1) Besonnesch am Hibleck dass Franséisch eng Friemsprooch ass fir déi grouss Majoritéit vun eise Schüler ass an och esou vill Schüler sech schwéier di mam Schreiwe vum Franséischen:
  - Deelt den Här Minister déi lwwerleeungen dass d'Gendersprooch am Franséischen ze komplex ass an d'Liesen an d'Léiere vun der franséischer Sprooch behënnert?
  - Deelt den Här Minister déi lwwerleeungen dass d'Gendersprooch am Franséischen elitistesch ass an déi méi schwach Schüler benodelegt?
  - Gesäit de Minister vir, fir Frankräich op dësem Wee ze begleeden an och an de Lëtzebuenger Schoulen d'Gendersprooch (écriture inclusive) am Franséischen ze verbidden?
- 2) Wéi gesäit den Här Minister déi uewen zitéiert Schwieregkeeten am Kontext vum "Genderen" bei den anere Sproochen am Unterrecht?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten